# DIKRECHER KRICHERËNNERONGE VUM PAULINE WEYER – BESCH





**Mariage**
**Jean WEYER – Pauline BESCH**
**07 janvier 1937**




*Luxemburger KZler nach der Befreiung in Ebensee, am 6. Mai 1945 (v.l.n.r.) – Obere Reihe: Ernest Pesch, Georges Biwer, Nicolas Berchem, Jengi Weyer – Untere Reihe: Jean Majerus, Jean-Pierre Kolbach, Metty Dockendorf, Jos Hammelmann, Oscar Lewin, Abbé Robert Maroldt.*



**CARTE DE PRESSE DU JOURNAL d'Unio'n**

Quotidien de la Résistance - Vollekszeidong fir en democratescht Letzeburg

No. 163

Noms: WEYER Jean

né à: Diekirch, le 18.6.1912.

Domicile: Diekirch

rue: rue Clairefontaine 44

Le porteur de la présente est attaché au journal en qualité de correspondant régional

Signature du porteur:

PRESSE-UNION LUXEMBOURG

Le Directeur:



# DIKRECHER KRICHSERËNNERONGE
# VUM PAULINE WEYER-BESCH

## AUGUST 1942

Den 30. August 1942 huet de Gauleiter Gustav Simon an der Ausstellungshal um Lampertsbierg, virun Honnerte vu Gläichgesënnten, d'Aféierong vun der "Wehrpflicht" fir déi jonk Lëtzebuerger vun 18 bis 22 Joer dekrétéiert.

Gottseidank wor d'Lëtzebuerger Resistenz um Dill. Déi verschidden Organisatiounen, déi uechter d'Land enstane woren (LPL, LRL, LVL, PI-Men asw.) hun hir Aktiounen openeen ofgestëmmt an e Generalstreik organiséiert, dee vum gréissten Deel vun der Populatioun matgemaach gouf an deen am Ausland – bis an Amerika an a Russland – ee weltwäiten Echo fonnt huet. Mee d'Reaktioun vun de Preise wor extrem haard a bluddeg: si hunn e Standgeriicht agesat, an Honnerte vu Patriote goufe vun der Gestapo verhaft an am Gronn oder zu HINZERT internéiert. 21 Lëtzebuerger goufen zum Doud veruertelt an eenzock exekutéiert.

Wéi déi jonk Leit trotzdeem an d'Wehrmacht agezu goufen, hunn d'Resistenzler gesicht, iwwerall am Land Stoppen anzeriichten, wou déi Jongen, déi net méi an d'preisesch Arméi hannescht goë wollten, ee sécheren Ënnerdaach fonnt hun. Och mäi Mann huet dozou säin Deel bäigedroen als Member vun der Resistenzorganisatioun LVL, déi zu Dikrech déi wäitverbreedst wor an an däer ech och matgeschafft hunn, esou gudd wéi et mir méiglech wor.

## EE SCHLËMMEN DAG FIR ÄIS: DEN 21 NOVEMBER 1943!

Sonndes, den 21. November huet d'Stonn fir mäi Mann geschloen; mueres um halwer aacht sinn zwéi Gestapomänner an e Gandaarm do, fir de Jängi ze verhaften. Hie gëtt direkt an déi berüchtegt Villa Conter zu Dikrech bruecht. Eng hallef Stonn méi spéit ass d'Gestapo nees do: déi Kéier ass et, fir eng grouss Hausduerchsuchung bei äis duechzeféieren.

Zesumme mat eisem Jängi si nach 22 aner LVL-Memberen zu Dikrech verhaft ginn. Nomëttes goufe si all iwwer Miersch, wou der nach zwéin derbäi koumen, op Lëtzebuerg a vun do an d'KZ-HINZERT gefouert ginn. Hei huet de Jängi d'Wanterméint vum 21. November 1943 bis de 6. Mee 1944 verbruecht.

## E VERHÉIER BEI MIR DOHEEM.

E puer Deeg no der Verhaftong vum Jängi koumen dräi Mann a schwaarzer SS-Uniform, mat dem Douedekapp op der Kap, an eist Haus. Déi dräi woren an der Stad

ugestallt, hunn ower am ganze Land Verhéieren duerchgeféiert. Ee vun hinnen huet Braukmann geheescht an huet zu Lëtzebuerg-Märel gewunnt, wou en och 1983 gestuerwen ass.

Beim Vehéier hu si gedreet, ech kéim och an e KZ, wann ech net alles géif “wahrheitsgetreu beichten”. Si hu mech mat enger Hällewull vu Froë gedirengelt, dorënner och d’Fro, wat ech vun de Stooppe vu jongen Déserteuren a vun hire Familje wéisst.

Si hu mir och virgeworf, mäi Mann wir Member vun enger Organisatioun. Ech sot dun: “Jo, hien ass Anwärter vun der VdB.“ Dat huet si dermoossen an d’Roserei bruecht, datt si allen dräi gläichzäiteg duerchernee gejaut hunn a mir gedreet hunn, ech misst direkt mäi Café zoumaachen an ech kéim an eng Rüstungsfabrik, fir do ze schaffen.




Matricule HINZERT No 7.687

**SCHON ERËM ENG HAUSDUERCHSUCHUNG!**

Eng Zäit duerno wor schon erëm eng Kéier eng Perquisitioun bei äis am Haus. Si hunn an alle Schief a Kommoude gewullt: Better an Matrassen goufen ëmgedréint; am Keller ass an de Kuelen a Briketten erëmgestëppelt ginn; an eisem Stock a Reserve gouf alles durchernee gehäit. Mee si hu näischt fonnt, wat äis hätt kënnen an d’Labränte bréngen.

Alles wat mir verstoppt haten, louch 1 Meter déif ënnert de Fässer. Pabeire vun der Resistenz LVL, Revolver a Munitioun, eng Uniform: e Khakihiem (wéi dat vun den Amerikaner), an en Aarmband rout-wäiss-blo. (Mäi Mann wor zenter 1942 Member vun de LVL).

**26. FEBRUAR 1944: E MEMORABLEN DAG!**

An der Zeitung liesen ech déi schrecklech Nouvelle, datt 23 Lëtzebuerger Resistenzler deen Dag virdrun zu HINZERT erschoss goufen. Déi Noriicht léist grouss Trauer en eng schrecklech Roserei bei mir aus. Nodenklech späeren ech d'Zeitung an en Tirang an.

An deem Moment kënnt een an eise Café eran. En huet eng Posch wéi d'Eisebunner se gewéinlech bei sech hunn, bestellt een Humpen a sëtzt sech op eng Plaz bei der Fënster. Vun hei aus huet een d'viischt Dir an den Aaen an et gesäit ee bis op d'Dikrecher Bréck alles, wat do passéiert. Duerno huet de Frieme mech no der Zeitung gefrot, wourop ech geäntwert hunn, ech hätt déi vun haut nach net kritt.

Hien huet gesot, en hätt héiren, wat zu HINZERT geschitt wir. Hie selwer wir och am KZ-HINZERT gewiescht, wir ower zu engem Verhéier an d'Villa Pauly bruecht ginn an hätt vun der Geleeënheet profitéiert, fir sech do duerch d'Bascht ze maachen an duerch d'Péitruss ze verschwannen. Dat hunn ech dem Mann ower net gegläewt an hunn him dat och gesot. Doropshin huet e mir nach vill Eenzelheete erzielt an och verschidden Nimm genannt.

Wéi ech ee Moment zur Fënster aus gekuckt hunn, gesouch ech een Awunner vun Dikrech mat engem Uniforméierten – engem däitschstämmege-Lëtzebuerger dobausse laanscht kommen. Well ech dem frieme Gaascht nach ëmmer net getraut hunn, sot ech zu him, ech ging elo un d'Fenster klappen. An deem Moment huet de Friemen e Revolver gezunn a gesot: "Da klappt nëmmen, ower dat iwwerliewe mir dann allen zwee net". Du wousst ech, datt en d'Wourecht gesot hat, an ech hun him d'Zeitung ginn. Hien huet mir du seng Geschicht am Détail verzielt, wéi et him an der Villa Pauly réusséiert wor, duerch d'Péitruss ze verschwannen, well hien d'Emgéigend gutt kannt huet, an datt d'Gestapomänner hien duerfir net fonnt hunn. Am Eisléck konnt hien dunn ënnerdauchen.

An der Posch, déi e bei sech hat, huet hien dunn ee Puer ofgedroë Schong erausgezunn. Säi Patron aus dem Eisléck hätt hie bei mech geschéckt mam Wonsch, déi Schong reparéiren ze loossen. Deen Dag duerno sinn ech bei de Schouster gaang an hu gefrot, op hien déi Schong flécke kéint. Deen huet mech emol bekuckt, ower guer net nogefrot, wouhier ech déi Häreschong hätt, well hie jo woust, datt mäi

Mann op HINZERT verschleeft gi wor. Hie sot nëmmen: “Da komm se muer erëmsichen.”
Den aneren Dag woren d’Schong tiptop an der Rei mat neie Suelen an Talonën. A wéi ech bezuele wollt, huet de Schouster kee Geld ugeholl a nëmme gesot: “Wann ech dir nach sosswéi hëllefe kann, da komm roueg bei mech.” (Dem Schouster säi Jong wor och an d’Wehrmacht forcéiert gin an a Russland gefall!)

E puer Deeg méi spéit koum dee jonge frieme Mënsch seng Schong bei mech sichen, an déi ech nach 2 Päckelcher Zigrette gestoppt hat. Aus senger Posch huet hien ee Pak eraus gezunn, an dem Schwéngskotletten agewéckelt woren, déi de Bauer him fir mech mattgeschéckt hat. Dat Fleesch hunn ech duerno a Glieser gemaach an an zwéi Päckelcher (den 2. Juni an de 15. August 1944), fir mäi Mann an d’KZ-NATZWEILER geschéckt.



**KL – NATZWEILER 1941 – 1945**
Matricule NATZWEILER No 13.926

**E WEIDERE FRIEME GAASCHT.**

Eng Kéier, datt ech grad mat der Botz am Gaang war, ass ee Friemen an eise Café komm, deem säin Optriede mir e bëssen ongemellech virkoum. En hat ee bloen Duchmantel un an een Hutt um Kapp. Wéi ech e gesinn hunn, wor mäin éischte Gedanken: “Wann deen elo ee schwaarze Liedermantel unhätt amplaz vun engem Duchmantel, da ging ech e fir ee Gestapomann halen.”

De Friemen huet ee Kaffi bestallt. Ower déi Manéier, wéi en dat Wuerd “Kaffee” ausgeschwat huet, hätt éischter op een Amerikaner oder Englänner gepasst.
Mat deene Gedanken am Kapp sinn ech an d’Kiche gaang fir de Kaffisfilter ze huelen an dem Mann säi Kaffi ze kachen. Wéi ech endlech mam fäerdege Kaffi an d’Wiertsstuff koum, wor de Mann verschwonnen. Et hat him wierklech ze lang gedauert an en hat sécher Angscht kritt, ech ging d’Zäit benotzen, fir d’Police ze avertéiren.

**HËLLEF FIR AMERIKANISCH PILOTEN.**

Et wor am Fréijor 1944. Am Café vu méngen Elteren, dee vu mir gefouert gouf, hu sech wéi gewinnt owes géint 6 Auer verschidde Stammgäscht afont, fir Skat ze spillen. Et wore lauter gudd Lëtzebuerger, dorënner de Schoulmeeschter Jean HUSS, den Engleschprofesser Metty WAGNER a säi Beruffskolleg Paul ZAHNEN, an den Direkter vum Schluechthaus P. THEIS.

Op eemol huet den Telefon geschellt, an ech gouf gefrot, ob net ee vun den Engleschprofessoren do wir, et ging dringend ee gebraucht ginn, fir ze dolmetschen. Ech sot, ech géif een op den Telefon ruffen. Ech hun dun haard an d’Lokal geruff: “Här Professer WAGNER, kommt wann ech gelifft op den Telefon , Äer Madame wëllt mat Iech schwätzen!” Hie koum du séier erbäi, well den Telefon wor am Privatzëmmer. Et wor natierlech och net seng Madame, déi no him gefrot hat. Ech hun nëmmen nach héiren, datt de Professer um Telefon “jo” gesot huet; duerno sot en zu mir: ”Gitt virun d’Haus, et kënnt een Auto, deen hei op der Säit stall hält a mech mat hëlt; et geet ëm Amerikaner. Gitt mir en Zeechen, wann den Auto do ass, ech ginn da fort.”

Alles huet prima geklappt, déi Amerikaner, déi sech aus engem erofgeschossene Bommer mam Fallschirm rette konnten, koumen zu Bettenduerf ënnerdaach a si mat Hëllef vun der Lëtzebuerger Resistenz nees zréck an England komm. (De Professer Metty WAGNER aus der Gilsdrefer Strooss wor an der Resistenz an hat heemlech e Sender gebaut, duerch deen hien mat ville Resitenzler a Verbindung stung.)

Deen Dag duerno koum de Chauffeur vun deem Auto – et wor e Metzler vun Dikrech – an huet mir, als Merci fir meng Mathëllef, e Steck Schockela bruecht, ee raren Artikel aus der “eiserner Ration” vun engem amerikanischen Zaldot.

Dee Schockela hun ech de 5. Mee 1944 mat op Lëtzebuerg geholl, wou ech d’Chance hat, mäi Mann op der Stater Gare an engem Prisongswon ze gesinn. De Jängi krut de Schockela, an ech hunn him dobäi an d’Ouer gepëspert: “Deen ass vun den Amerikaner!”

**VUN HINZERT OP NATZWEILER.**

No der Verhaftong vu mengem Mann November 1943 hunn ech net méi dacks eppes vun him héieren. Ee Bréif, deen ech him op HINZERT geschriwwen hun, koum nees zréck, an och mat engem Pak ass dat selwelcht geschitt.

Den 29. Abrëll 1944 krut ech owes géint 10 Auer een Telefon. Wéi ech méin Numm genannt hunn, krut ech gesot: "De Jängi, däi Mann, ass am Prisong zu Tréier an ech hu mat him geschwat. Hie kënnt op Transport, e woust ower net, wouhin et geet. E schéckt dir e schéine Bonjour." Ier ech äntwere konnt, hat dee Frieme schon obgeluegt.

E puer Deeg méi spéit, owes de 4. Mee – et war scho spéit an der Nuecht – klappen der un d'Dir vu mengem Elternhaus, an deem ech eleng wunnen an de Café vu mengen Eltere féieren. Well ech mengen, et wire Männer vun der NSKK, déi mech scho méi wéi eemol erféiere gedoen haten, iergeren ech mech gring a giel a jäize, si solle verschwannen. Du rifft eng mir bekannte Stëmm: "Berouег dech an hief keng Angscht, komm maach äis d'Dir op." Et woren d'Maisy an de Franz. Ech hunn hinnen opgemaach, a si hu mir erzielt, wat si alles op hirer Rees no WOLFENBÜTTEL erliewt haten, wou dem Maisy säi Papp am Prisong souz. A wéi si, op hirem Réckwee no Lëtzebuerg, zu Tréier an den Zuch aklamme sollten, hu si eng Grupp vu Männer gesinn, déi vu Feldgendaarme begleed woren.

A wat hunn d'Maisy an de Franz do gesinn? An der éischter Rei vun de Gefaangenen, déi zu véier a véier opgestallt woren, stungen zwéin Dikrecher: de Jängi WEYER an de Lex PROBST! Tëschent de Wagonë konnte si matenee schwätzen oder sech dach irgendwéi verständlech maachen. D'Prisonnéier sinn dann an ee Prisongswagon ageklommen, deen un de Lëtzebuerger Zuch ugehaange gouf; sou koumen déi Gefaangen dann an de Prisong vum Gronn.

Dat alles hunn d'Maisy an de Franz mir erzielt. A spontan hunn ech gesot, datt ech deen aneren Dag mueres fréi mam éischten Zuch op Lëtzebuerg fuere géif.

Direkt hunn ech ugefaang, Schmiere fäerdeg ze maache fir de Jängi. Ower dat bëssе Brout vun däer Ratioun, déi mir zoustung, wor rose wéineg. Duerfir sinn ech nach an der Nuecht bei Noperen a Famill alles hamstere gaang, wat d'Leit opdreiwe konnten: Brout, Kéiss, Zoossiss a souguer Ham. Ech hun alles an eng grouss Posch gestach, och Zigretten a Fixfeier, an – net ze vergiessen – och dat Stéck Schockela, dat ech vun den Amerikaner fir meng Hëllef kritt hat.

Mueres de 5. Mee sinn ech mam éischten Zuch mat menger Schwëster op Lëtzebuerg gefuer. Wéi mir do aus dem Zuch geklomme sinn, hunn ech een héiere mäi Numm ruffen. Tëschent zwéi Wagonë gesouche mir dunn de Prisongswagon, an

deem déi Gefaange schon ageluede woren. Ech gesouch mäi Mann bei enger klenger Luck stoën, déi als Fënster gedingt huet. Ower hiren Zuch stung op engem anere Gleis, sou datt mir guer net drun erukoumen. Deemols huet een nach ëmmer missen een Ticket (Bahnsteigkarte) kafen, fir kënne bei een Zuch ze kommen; duefir hu mir missen an d’Gare zréck goen. Wéi mer dann endlech beim Zuch ukoumen, wor mäi Mann op der anerer Säit vum Wagon, wou mir net hun dierfen higoen. Ech konnt du just mat anere Lëtzebuerger Prisonnéier schwätzen an hunn hinnen e puer Zigretten a Fixfeier an hir Zelle gereecht. Et woren elauter schmuel Zellen (vun 1 Meter op 1 Meter) op béide Säite vun engem Gank duerch d’Mëtt vum Wagon.
Op eemol koum een däitsche Gendaarm (mat Gewier) op mech duer a frot, wat ech do wéilt. Ech frot, ob dat verbuede wir, fir sech hei ëmzekuken. “Kennen Sie jemand”? frot hien mech, “Ja” wor meng Äntwert. Hien huet dunn déi schwéier Dir opgemaach, huet mech mat méngen zwou Poschen eragelooss a frot nom Numm vum Häftling. “WEYER”, sot ech. Ganz haard huet hien dunn an de Gank vum Wagon gejaut: “WEYER!” – “Hier”, hun ech de Jängi héiere ruffen. De Gendaarm huet dun d’Zellendir vum Jängi opgespaart, an eraus gerannt koum de Jängi an ass mir ëm den Hals gefall. Eis immens Freed brauch ech wuel net ze beschreiwen. Souguer dem Gendaarm ass et opgefall, datt et sech net nëmmen em ee Bekannten, mäi ëm mäi Mann gehandelt huet. Meng Posche woren du geschwënn eidel.

**DEM JÄNGI SÉNG REES DUERCH D’KAZETTER GONG WEIDER.**

Den aneren Dag, de 6. Mee 1944, koum hien am KZ NATZWEILER un a gouf ënnert der Nummer 13 926 agedroën. Genee 4 Méint wor hien an dësem Lager.

Wéi d’Amerikaner, déi de 6. Juni op der franséischer Küst geland woren an ëmmer méi no un d’Elsass erukoumen, hun d’SS d’Lager NATZWEILER opginn.
D’Prisonnéier goufen op Camionë gelueden an an d’KZ-DACHAU transportéiert. Dat wor an der Zäit vum 2. op de 4. September 1944. Zu Dachau krut de Jängi d’Häftlingsnummer 103 234. Bis den 22. November huet e missen a Quarantaine op der Krankestuff bleiwen.




**KL – DACHAU 1933 – 1945**
Matricule DACHAU No 103.234

Mueres den 22. November sinn ongeféier 3 000 Gefaangener opgeruff ginn; ënner hinne wor och de Jängi! An esou koum et dann, datt hien an dat schrecklecht Lager AUSCHWITZ bruecht gouf, wou hien de 24. November ukoum. Hei krut en d'Nummer 200 217 op säi lénken Aarem tätowéiert.

Wéi d'russesch Arméien ëmmer méi no erugeréckt sinn, huet d'Lager AUSCHWITZ misse geraumt ginn. Deelweis zu Fouss a streckeweis an engem Güterzuch sinn déi auserhingert Prisonnéier, so wäit wéi se iwwerliewt haten, de 25. Januar 1945 am KZ MAUTHAUSEN ukomm, wou de Jängi dann als Nummer 120 459 an d'Häftlingsbuch agedroë gouf.

**Auschwitz Birkenau**



**KL – AUSCHWITZ 1940 – 1945**
Matricule AUSCHWITZ No 200.217

**VUN DEN AMERIKANER FESTGEHOLL.**

Et wor de 5. Dezember 1944, um Virowend vu Niklosdag. Meng Schwëster, déi zwee Meedercher hat, huet beim Bäcker SCHROEDER zu Gilsdorf Niklosbréidercher bestallt, “Männercher”, wéi mir ëmmer duerfir gesot hunn.

Géint halwer 6 sin ech mat mengem Velo op Gilsdorf gefuer, fir déi bestallte “Männercher” an och Brout sichen ze goen. Wéi ech beim Bäcker ukoum, hun ech mengen Aen net getraut: do stunge jo Schlaange vu Mënsche virum Buttek fir anzekafen! Well ower deemols owes no 8 Auer keng Leit méi hunn duerfen op der Strooss sinn, wa se net een extraën Auswäis vun den Amerikaner haten, woust ech, datt ech Schwieregkeeten kréie kéint.

Wéi ech dann endlech géint 9 Auer un d'Rei koum a meng Saache gutt um Velo verpaakt hat, hunn ech mech op de Wee no Dikrech gemaach, dat jo nëmme 1 Kilometer wäit vu Gilsdref ewech läit. Am Ausgank vum Duerf ass eng kleng Bréck, déi iwwert d'Baach féiert; hei stungen zwéin amerikanisch Zaldoten. Si hu mech ugehal an no méngem Pass gefrot. Well ech ower kee Pass hat, sinn ech festgeholl ginn. Si hu mech mat méngem Velo bei hire Chef bruecht, dat wor de Lieutnant John KELLER, deen am Haus PÜTZ-BESCH aquartéiert wor. An de Café PÜTZ-BESCH wor keen anere wéi d'Elterenhaus vu mengem Papp Nic. BESCH. Keen Zweifel, datt dofir d'Saach fir mech ee gudden Ausgank fonnt huet.



CAMP LIBÉRÉ
d'EBENSEE

CAMP
D'EBENSEE
C I.

## ATTESTATION

Nom: WEYER

Prénoms: Jean

Né le 18.6.12 à Diekirch

a été détenu dans les camps de concentration

d'Allemagne et d'Autriche

du 21 novemb. 1943 au 6 mai 1945.

[signature]

EBENSEE, le 13 mai 1945.

Le président du Comité International

[signature]

## A. E. F. ASSEMBLY CENTER REGISTRATION CARD

| 44635 | WEYER | Jean |
|---|---|---|
| 1. (Registration number) | 2. (Family name) | (Other given names) |

| Luxg. | M. ☐ F. ☐ | 18.6.12 | 6. Date: 25.5.45 | 21-11.43. |
|---|---|---|---|---|
| 3. (Claimed nationality) | 4. (Sex) | 5. (Age) | (Arrival) | (Departure) |

7. (Assigned billet number or address)

8. DESTINATION OR RECEPTION CENTER

DIEKIRCH - Diekirch

(Name or number) (City or village) (Province) (Country)

9. REMARKS

arrêté 21-11.43. } Mauthausen 66RH
libéré 25.5.45

16—39724-1 (Use reverse side for additional remarks) D. P.

**DEM JÄNGI SÉNG LESCHT 5 MÉINT AM INFERNO.**

*(v. MAUTHAUSEN, Seite 227: 7. Januar – 2. Februar).*

Wéi scho gesot, hat de Jängi den 13. Januar 1945 mat 4 500 Auschwitz – Häftlingen den Doudesmarsch no MAUTHAUSEN ugetrueden, dee bal zwou Woche gedauert huet. Deelweis ass de Wee an Marchandise-Wagonën zréckgeluecht ginn; meeschtendeels ower woren déi ronn 4 500 Häftlingen op laangen a beschwéierleche Foussmärsch am héige Schnéi ënnerwee, mat enger Ratioun Iessen, déi fir dräi Deeg geduecht wor: ee Kommisbrout an eng Béchs Fleesch; dat huet misse fir 14 Deeg duergoen.

Bei deem schrecklechen Doudesmarsch vun AUSCHWITZ op MAUTHAUSEN ass méi wéi d'Halschent vun de Prisonnéier ëmkomm, entweder duerch den Honger oder durch d'Keelt, oder duerch d'Brutalitéit vun den SS, déi all Häftlingen, déi net méi mat viru komme konnten oder wollten, niddergeknallt hunn.

Wéi si de 25. Januar 1945 zu Mauthausen ukoumen, hu si missen hir Kleeder ofginn a stungen 3 Deeg lang plakech bei minus 22 Grad Keelt um "Appelplatz". De Jängi an ee Fransous, een Dokter vun ARGENTAN, hu sech géigesäiteg gewiermt doduerch datt se Broscht a Réck widderenee gedreckt hunn, fir sech virum Erfréieren ze schützen.




No dräi Deeg sin si zu MAUTHAUSEN op Camionë geluede ginn, fir an d'Niewelager EBENSEE transportéiert ze ginn. Hei wore schonn e puer Lëtzebuerger, déi sech och direkt dem Jängi senger ugeholl hunn an him eppes z'iesse goufen. Si


Wëlkom dôhém !


LUX
120459


Lux Joh.
Bl. 13
120459
Weyer Johann
18.6.12
Diekirch
Buchhalter
Arb. Kdo
Mauthausen
29.1.45

woren et och, déi hien aus der “Dusch” (an deemno aus der Gaskummer) erausgeholl an du bei engem polnesche Gefaangenen am Bett verstoppt hunn. Op déi Mannéier ass de Jängi, deen deemols nëmmen nach 44 Kilo gewien huet, mam Liewen dervu komm.

Déi lescht Wochen zu Ebensee wore fir de Jängi, deen esou vill Hällen duerchliewt hat, e bësse besser, well hei Lëtzebuerger Häftlingen op héigere Positioune woren.

Een Dag virun der Libératioun huet de Lagerkommandant GANZ all KZ-Insassen – et waren ongeféier 15 000 Mann – untriede gelooss, fir se, wéi hie sot, virun den amerikanische Bommen ze retten; duerfir sollte si all an de “Stollen” goen. Ower d’Häftlinge wore virdru gewarnt ginn: de ganze Stollen wor mat vill Sprengstoff versi ginn. D’Prisonnéier hunn dofir refuséiert, an de Stollen ze goen an hunn domadden hiert Liewe gerett. Dee selwechten Dag Nomëttes huet d’SS d’Lager verlooss.

Deen Dag duerno, de 6. Mee, hunn d’Amerikaner vun der 3. Panzer-Arméi d’Lager befreit, zur selwechter Stonn, wou zu Lëtzebuerg d’Schlussprëssessioun vun der Muttergottesoktav ugaang ass.

Mat den Amerikaner ass och ee Lëtzebuerger an US-Uniform an d’Lager komm. Wéi en déi vill gouerech a plakech Mënsche gesinn huet, ass him kloer ginn, wou hien hei wir, an en huet sech geduecht, datt hei bestëmmt och Lëtzebuerger drënner wiren. Wéi hien no de Lëtzebuerger gefrot huet, gouf hien op d’Brak vun de Fransouse verwisen. Hei huet hien dunn och de Jängi fonnt. Et huet sech erausgestallt, datt de Lëtzebuerger-Amerikaner mam Numm SCHEER seng Originen zu Dikrech hat.

Enn Mee 1945 woren dann endlech déi meescht Kazettler, dorënner och de Jängi, endlech nees doheem.

De Jängi huet des Welt den 18. November 1973 fir ëmmer verlooss!
*(v. Rappel 1/74, Säit 81, Rausch Muerzel)*

Origine vun de Fotoen a Biller:

Säit 1: Paul Weyer.
KL-HINZERT, Engel u. Hohengarten
KL-NATZWEILER, camp de concentration du Struthof, Essor, H.Gayot
KL-.DACHAU, Politischer Schutzhäftling, Greg, Nic. Hoffmann
KL-AUSCHWITZ, Guide de la visite
KL-MAUTHAUSEN – Letzeburger zu Mauthausen
Niewelager Ebensee – KZ EBENSEE Internet

Pauline WEYER – BESCH / Imprimerie OLIBONI Fr.

# Memoiren aus dem Krieg aufgezeichnet von Jean Weyer.

Der 21. November 1943 war der schwarze Tag. Ein Sonntag war es morgens ½ 8 Uhr als ich mit den Gestapobeamten die Hände in den Manteltaschen links seitlich einen Schritt hinter mir über die Brücke ging. 10 Meter zurück folgte Wachtmeister Klotz mit gezogener Browning. In der Villa Conter war der Sammelpunkt dieser Razzia. Ungefähr 20 Mann aus Diekirch, Gilsdorf, Bettendorf u. Vianden standen bis nachmittags ½ 2 Uhr von fast ebenso vielen SS Leuten bewacht, das Gesicht zur Wand in Erwartung der Dinge.

Man hatte bloβ unsere Personalien aufgeschrieben, Zigaretten und Feuerzeug mussten herausgelegt werden. Das Haus wimmelte von fremden Gesichtern, denen man auf den ersten Blick trotz ihrer Zivilkleidung den Gestapomann absah. Um ½ 2 Uhr wurde jeder einzeln zum Abort gelassen ; in wenige Minuten später wurden wir durch ein Spalier von Gestapo wieder die rechte Hand in der Jackentasche zu einem Laster geführt und darin verladen. Drauβen hatte sich eine kleine Menschenmenge angesammelt welche von Reiff dem bekannten Gestapomann aus Diekirch fortgejagt wurde. Trotzdem blieben die Leute hartnäckig stehen.

Bewaffnete SS Leute hatten vorn und hinten in dem gedeckten Wagen Platz genommen und gegen 2 Uhr fuhren wir ab. Ein letztes Winken an die Zurückgebliebenen. Unser Leidensweg begann. In Mersch wurden noch ein paar Mann beigeladen, von denen einer in Luxemburg in der Villa Pauly abgeliefert wurde. Weiter ging es der Mosel zu. In Wasserbillig stieβen wir zu weiteren Lastern, wovon einer in Echternach, der andere im Minettsbassin Verhaftete aufgeladen hatte. Wir rieten dass es nach HINZERT ging. Bei trübem regnerischem Wetter passierten wir Trier. Es war stockfinster als wir gegen 7 Uhr in HINZERT anlangten.

Die ganze Lagerverwaltung erwartete uns. Mit Fuβtritten und Fausthieben wurden wir in fünfer Reihen gezerrt, jeder mit einem Meter Abstand. Dabei konnte man fast die Hand nicht vor den Augen sehen. Im Gegensatz zu den anderen Lagern war Hinzert nicht beleuchtet, sondern ab Sonnenuntergang mussten in sämtlichen Baracken die Fensterläden dicht geschlossen werden. Wir wurden abgezählt: 54 Mann. Nach einer Stunde Warten in der Dunkelheit ging es im Gänsemarsch in den Trockenraum. Dort hieβ es Zigaretten, Zündhölzer, Feuerzeug, Tabakdose usw. herauslegen.
Capo 1, ein Schweizer, macht Kontrolle. Wehe demjenigen, wo noch ein Teilchen Zündholz gefunden wurde. Die Nacht verbrachten wir im Nebenraum auf dem Fuβboden oder einer Bank sitzend. 49 politische Luxemburger, 5 Arbeitsverweigerer davon 3 Polen. Geschlafen wurde nicht. Am nächsten Morgen erhielten wir eine Schüssel Kaffee, dann raus in den Hof, aufstellen zu 5 mit je 1 Meter Abstand. Sämtliche Wertsachen und Geld in den Hut schütten, dem Alphabet nach wurden wir aufgerufen und bekamen eine Nummer. Wir haben aufgehört einen Namen zu tragen.

Mein Unterscharführer der Hammer (Schattner), ein kleines dickes Eckel, ständig eine Rute in der Hand übernimmt unsere Effekten gegen Unterschrift natürlich. Capo I wirft oder stößt jeden zum Capo II ein Pole, der stößt uns in den Waschraum, nackt ausziehen und auf einen Schemel steigen. Dr. Chabeau untersucht uns auf Läuse. Dann einseifen mit Rifseife wurden wir von Kopf bis zu den Füssen geschoren und rasiert. Nackt laufen wir vom Waschraum unter einem Schuppen durch zur Dusche. Unterwegs nichts als Schläge. Man spürt sie in der Aufregung nicht einmal. Nach der glühend heißen Dusche, bloß halb getrocknet wieder in den Trockenraum. Unsere Unterwäsche sowie Hose, Hemd und Schuhe welche wir behalten wegen Mangel an Lagerwäsche, wurden im Eiltempo angezogen. Jeder erhält eine zerrissene oder aus bunten Flicken zusammengesetzte Uniformjacke zugeworfen, Schüssel, Becher u. Löffel und Wasser, man staune ein Messer in die Hand gedrückt und raus wieder raus in den Hof, wieder Aufstellen in fünfer Reihen.

Es war schon empfindlich kalt geworden. Einer sieht den anderen an. Wir kennen uns kaum wieder mit den geschorenen Köpfen. Schon wagen sich etliche Kameraden welche 3 Wochen vor uns verhaftet wurden in unsere Nähe. Sie machen sich an den Bänken vor dem Trockenraum zu schaffen und sie bemustern uns unauffällig. Nach langem Warten geht's nach Block 8. Wir haben einen Polen als Stubenältester. Die Stube ist kalt und feucht. Ein alter Ofen dient als Heizung. Wir bekommen faule Tannenwurzeln voll Dreck und Schnee zum Heizen. Mittags gibt es die rohe Lagersuppe und Steckrüben. Die meisten bringen sie nicht weg und schütten sie in den Abort. Die 5 Arbeitsverweigerer sind auf einen anderen Block gekommen, so dass nun politische Luxemburger zusammen sind. Die Unterscharführer machen ihre Runden auf den Blocks. Schnell reißen wir die Schemel von den Schränken und beginnen mit Glas an den Beinen zu schaben um irgendetwas zu tun. Unsere Vorgänger müssen übrigens dasselbe getan haben, denn es sind Schemel darunter an denen bloß noch fingerdicke Beine sitzen. „ Wartet ihr auf die Amerikaner als Befreier" brüllt Unterscharführer Pammer an. „Ihr Dummköpfe, ihr Saublöde. Und wenn die Amerikaner tatsächlich nach Europa kämen, ehe sie hier wären, würde noch mancher von Euch über die Klinge springen."

Am 2. Tag wird die Steckrübensuppe schon nicht mehr ganz ausgeschüttet. Nummern werden im Hof geschrieen. Dann hat der Betroffene vor den Verwaltungsblock zu laufen. Dort wird er von den Gestapobeamten in Empfang genommen und ins SS Lager geführt. Die Verhöre beginnen. Viele kamen über Mittag nicht zurück oder werden gefesselt in den Hof gestellt. Stundenlang halten sie in Kälte, Regen oder Schneeschauern aus. Andere werden in den Bunker geworfen. 14 Tage dauern die Verhöre, eine schrecklich lange Zeit, voll Angst und Schrecken. Wir liegen immer noch in Quarantäne, sehen bekannte Gesichter die vor uns verhaftet wurden, draußen im Wagenkommando zentnerschwere Wurzeln herbeischaffen. Auf dem Holzplatz

werden dieselben gespalten, zerkleinert und zersägt. Wir haben einen anderen Stubenältester bekommen: zu unserer Freude ein junger bekannter Luxemburger. Mitte Dezember kommt Zugang. Wieder lauter bekannte Kameraden. Sie machen denselben Empfang mit. Für Weihnachten können wir Pakete erhalten in begrenzter Zahl und Gewicht. Es ist ungeheuer was alles aus der Heimat geschickt wird. Die SS Leute sind sprachlos beim Öffnen der Pakete.
„Und dies im 5ten Kriegsjahr" sind immer die Ausrufe. Sie plündern die Pakete zur Hälfte aus für sich. Die Stimmung auf den Blocks ist zuversichtlicher. Die wieder gesättigte Mägen und die frische Unterwäsche haben das bewirkt. Weihnachten und Neujahr gehen vorüber und wir liegen immer noch in Quarantäne. Im Januar wird der Block ganz gewaschen und desinfiziert. Wir ziehen um nach Block 2. Kurz danach machen wir die Appelle im Hof mit und werden zu den Arbeitsstellen eingeteilt. Die Krankheiten beginnen. Dr. Chabeau, ein französischer Arzt, der wegen Spionage gefangen gehalten wird, hilft wo er kann. Er ist auf die Luxemburger besonders gut zu sprechen. Inzwischen ist ein Zahnarzt aus Diekirch in der Zahnstation im Revier gekommen. Er kann Tabletten und Vitamine beschaffen.

Der 25. Februar 1944 ist ein schwarzer Tag. 23 Kameraden werden vormittags aufgerufen. Sie nehmen ihr Paket vom Block und werden vors Lager geführt. Dort nimmt man ihre Pakete weg und lädt sie in Lastwagen welche abfahren. Von den Polen aus dem Lager erfahren wir, dass in der vorhergehenden Nacht einige Kilometer von HINZERT Gräber ausgeworfen worden sind. Das sagt nur genug. Im März gehen Kommandos nach Wiesbaden zu Aufräumungsarbeiten. Am 25. April gehe ich mit 75 Kameraden auf Transport. Im Trierer Gefängnis werden wir zerteilt. Ein Teil ist für Buchenwald, ein anderer für Mauthausen, ein dritter für Natzweiler bestimmt. Am 3. Mai fährt die Gruppe für Natzweiler in Trier ab. Unbeschreiblich ist das Gefühl als wir die Mosel in Gefangenenwaggon überqueren. Nach einer Nacht im Gefängnis in Luxemburg-Grund soll es am nächsten Morgen mit der Eisenbahn im Gefangenenwaggon weiter. In den Bahnhöfen in Luxemburg und Bettembourg sind die Leute alarmiert. Viele Kameraden bekommen Frau und Kind und Geschwister zu sehen, auch ich bin bei den Glücklichen. Nachmittags werden wir im Metzer Gefängnis eingeliefert. Nach 3 Tagen verlassen wir die dreckigen, zerlausten Gemeinschaftszellen und weiter geht's diesmal in Personenwagen über Strassburg nach Schirmeck ins Elsass. Im dortigen Polizeilager warten wir einige Stunden auf die Lastwagen. Gegen 4 Uhr werden wir in NATZWEILER, einem KZ Lager hoch in den Vogesen eingeliefert. Wieder Dusche, Desinfektion und diesmal Einkleidung in Lumpen. Wir haben Fußlappen und Holzpantoffel an den Füssen.

Hier enden die Aufzeichnungen meines Vater Jängi WEYER.

# Auszug aus dem Buch “Letzeburger zu Mauthausen“

Artikel von Jean Weyer

<u>Ich hatte ihn nicht erkannt.</u>

Beim Anmarsch der Russen wurde Auschwitz am 7. Januar 1945 liquidiert. Am 2. Februar 1945 kam ich allein als Luxemburger, halb verhungert in Mauthausen an. Wir hatten für die Reise nur eine Marschverpflegung für 3 Tage, 1 Brot und eine Büchse Fleisch.

In Mauthausen war das Lager überfüllt. Ich kam auf Block 17. Wir sassen vor dem Block und ich wurde aufgerufen zum Transport “Zement“ nach Ebensee. Ich war zusammen mit einem französischen Arzt aus Argentan.

In Ebensee lag das Lager im Schnee eingebettet. Als ich aus dem Duschraum trat begegnete ich meinem Luxemburger Kollegen aus Hinzert: Biwer Georges und Berchem Nico. Sie reichten mir eine Schüssel Suppe zur Begrüssung. Die 2 ersten Tage arbeitete ich mit dem Lufthammer im Tunnel.

Am 3. Tag verhalfen die Kameraden Scholtes und Schockweiler mir zu der Stelle eines Blockschreibers auf Block 26, dem späteren Judenblock. Ein Pole, dem ich als Schreiber zugeteilt wurde, liess die jüdischen Häftlinge, die krank und nicht im Revier lagen, mit Stockhieben auf den Appellplatz treiben. Auch mir blieben Prügel nicht erspart. Auf Block 163 teilte Erny Pesch mir mit, es sei wieder ein Luxemburger angekommen. Ich lief hin und fragte den mir fremden Ankömmling: “Hast du den dicken Maroldt nicht gekannt? Was ist aus dem geworden?“ Darauf kam prompt die Antwort: “Das bin ich doch.“

Es gab immer mehr Tote. Sie wurden hinter dem Block in den Schnee gelegt. Da die Zivilarbeiter davon Kenntnis bekamen, mussten wir die Toten auf Schlitten wegtransportieren. Die Kennnummer stand auf der Brust geschrieben; war die Nummer verwischt, so konnte der Falsche als tot gemeldet werden. So wurde ich zur Rechenschaft gezogen für einen falschen Toten, den Mauthausen als noch lebend meldete. Es gab Prügel und die Drohung: “Das nächste Mal gehst du auch durch den Kamin.“-----

Jean Weyer

Amicale de Mauthausen, Luxembourg 1970




*KL - MAUTHAUSEN 1938 - 1945*
*Lëtzebuerger Monument*